adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister, den Här Finanzminister, den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Wirtschaftsminister an un den Här Méttelstandsminister weiderzeleeden.

Am Joer 2019 goufen op de Bezierksgeriichter Lëtzebuerg an Dikrech respektiv 1091 an 136 Faillitenurteeler geschwat. No mengem Wëssensstand ginn déi meescht Faillitten op Assignatiounen duerch d'Enregistrementsverwaltung, d'Steieramt oder d'CCSS zeréck.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. A wéi vill vun deenen Urteeler waren déi genannte Verwaltunge jeeweils demandeur vun der Mise en faillite?
2. Besteet eng Méiglechkeet, déi Fuerderungen a Krisenzäiten ze echellonnéieren?
3. Hunn déi dräi Staatsverwaltunge sech am Kader vun der Corona-Situatioun mat hiren Assignatiounen e bësse méi zeréckgehalen, am Verhältnes zu de Jore virdrun? Konkret : wéivill Assignatiounen goufen 2020 vun dësen Verwaltungen lancéiert ?
4. Sinn déi zoustänneg Ministeren net der Meenung, datt grad elo misst méi virsiichteg mat dësem Méttel vum Recouvrement vun de Creancen ëmgaange ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten